



Strof géint eng Gesellschaft. Et ass souguer an eiem Text virgesinn, dass, wann d’Gesellschaft sech wëllt opléisen, fir laanscht d’Strof ze kommen, dass se dann awer nach ka weider poursuivéiert ginn.

Dat sinn also déi dräi grouss Intérêten.

Dann, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, sinn eng Partie Froen hei gestallt ginn, op déi ech wëll agoen.

Déi éischt ass déi vum Här Bodry iwwert d’Associations de fait. Et ass ganz däitlech, Här Bodry, dass déi net mat ageschloss sinn. An dat fannt Der no am Projet de loi, deem ursprüngeleche Projet de loi, Säit 11, wou dat kloer gesot ginn ass. Do gëtt et nämlech en Ënnerscheed: Frankräich an d’Belsch.

Frankräich hu se, grad wéi mir, net ageschloss, a mir hunn eis der franséischer Gesetzgebung hei ugeschloss. D’Belsch hu se virgesinn, awer dann nach nëmmen do, wou et sech ëm Entités ayant des activités essentiellement économiques handelt. Wat dann och erëm eng kéier esou en Ausschloss an Ausschluss ass, deem net gutt ass.

Et ass ganz kloer hei, dass d’Associations de fait net ageschloss sinn. Da soen ech awer och, dass oft an Zukunft wéinst der Protektioun vun den Dirigeantë verschiddenen Associations de fait vläicht Intérêt hätten, d’Personalité morale sichen ze goen. D’Fro kann ech zum Beispill fir Parteie stellen. Déi kann ech och fir Gewerkschafte stellen, well d’Gewerkschaften, déi hunn elo schonn e Problem mat der Jurisprudenz. Dir hat d’Jurisprudenz virdrun zitéiert.

Et ass effektiv esou, datt d’Gewerkschafte scho Jurisprudenze géint sech kruten, wou gesot ginn ass: „Dir musst elo esou vill Sue bezuelen...” - well, do ass et ëm Entscheidung gaangen - „...als Associations de fait.” Mä d’Gewerkschaft konnt net selwer viru Geriicht agéieren. Dat ass eng Jurisprudenz, déi mer hunn, déi iwwregens och contestéiert ass. Do muss een och froen, awéiwäit déi zum Beispill der Gewerkschaftsfräiheet entsprécht, wéi mer se an de BIT-Konventionen festgeluecht hunn.

Also ass dat mat den Associations de fait schonn eppes ganz Schwiereges. An duerfir hu mir eis scho vum ursprüngeleche Projet un - ech an de Luc Frieden - derfir décidéiert, d’Associations de fait kloer an däitlech net hei mat virzugesinn.

Déi Fro - dat ass déi zweet Fro -, déi am meeschten hei diskutéiert gouf, dat ass déi vun de Gemengen. Dozou Folgendes: Éischtens, entgéint deem, wat den Här Henckes fäert, hu mer hei net onbedéngt eng Inégalité. Et ass eng Inégalité relative, awer keng absolut, well keng Impunitéit do besteet. Dat heescht, wann an enger Gemeng e stroferechtlecht Vergehe geschitt, gëtt nach ëmmer een ugesicht, nämlech dann de Verrieder vun der Gemeng. Et ass also net, dass d’Gemengen hei aus hirer stroferechtlicher Verantwortung erausgeschloss wäeren. Dat ass emol dat Éischt.

Dat Zweet ass, dass den Här Braz sot, mir brauchen e waasserdichten Text: Dee gëtt et och a kengem anere Land. Déi meescht Länner vun Europa... Wann ech d’EU-Länner huelen, do sinn der ganz vill, déi hunn d’Responsabilitéit vun de Gemengen ageschloss. A wa mer kucken, wéi et a Frankräich, notament an der Belsch gaangen ass, ass lues a lues eng Distinction jurisprudentielle komm.

An ech mengen, och hei soll een net virpreschen, mä et soll een dat kucken. Well bei de Gemenge kënnst e weidere Problem derbäi. Ech hu bei den A.s.b.l.e gesot, do sinn d’Dirigeanten eigentlech elo méi geschützt, well et kann hire Veräin condemnéiert ginn an net si eleng un de Pranger gestallt ginn. Bei de Gemengen ass dat en doppelschneidegt Schwert, well da gëtt lichterfanke vläicht d’Gemeng en responsabilité pénale ugesicht, fir dann herno erëm eng kéier d’Responsabilité politique vun dem Schafferot unzesichen.

Ech mengen, mir sollen dat maachen. Ech hunn dat an der Chamberskommission gesot, dass ech géif mam Innenminister driwwer schwätzen. Esou wéi ech dee kennen, ass deem absolut bereet, dat ze maachen, dass mer solle mat de Gemengen

eng gréisser Diskussioun iwwert déi ganz, ganz Problematik. Do kënnst nach viles derbäi. Dat heiten ass een Element.

Mä déi ganz Responsabilité pénale a civile, déi d’Gemengen engagéieren, dat ass e ganz komplexe Sujet. Et ass een, deem net nëmme juristesche Komponenten huet, en huet och ganz vill politesch Komponenten. An ech mengen, dofir solle mer haut bei deem bleiwen, wat am Text ass, Här Henckes, a weider doriwwer diskutéieren, wéi et weidergeet.

Déi Diskussioun ass sécher net eriwwer. Dat ass ganz kloer. Ech mengen, mir solle se och proaktiv ugoen an net waarden, dass d’Jurisprudenzen eis géifen dreiwelen. Mä ech mengen, et ass esou sensibel och fir déi Leit, déi sech an de Gemenge sollen a wëllen engagéieren, dass mer hei emol sollen dat a Rou ugoen.

Dann en drëtten Punkt, deem e puermol hei gesot ginn ass, dat ass dee vun der Pénalisation vun eiser Gesellschaft. Ech hunn et schonn e puermol op dëser Tribün gesot, ech hunn et schonn oft a Pressekonferenz gesot, an ech bleiwen derbäi. Ech mengen, et si jo och e puer Leit, déi drop agaange sinn.

Mir musse wierklech kucken, ob mer net ze vill Droit pénal hei zu Lëtzebuerg hunn, an ob deem Droit pénal wierklech ëmmer esou organiséiert ass, dass e richtig ass, ob mer net verschidde schlëmm Vergehen iwwerhaapt net strofen oder wéineg strofen, a verschidde Bagatellé ganz vill strofen. Dat ass ee Punkt.

An deem zweeten Punkt ass: Musse mer alles, wat eng Norm ass, duerch d’Strofrecht ofsécheren? D’Strofrecht ass eigentlech do, fir den Ordre public ze garantéieren. Net all Norm ass am Interessi vum absoluten Ordre public, mä ass am Interessi vun engem gudden Zesummeliewen. Dat ass awer net nëmmen alles Ordre public.

Et kann een dofir och Normen ofsécheren, engersäits duerch Amendes d’ordre zum Beispill, engem System, dee mer lues a lues amgaange sinn anzeféieren, dass ee seet: „Du hues hei eppes falsch gemaach, an amplaz dass eng laangwiereg Prozedur virun e Strofgeriicht da kënnst, gëss de elo hei zu enger Geldstrof verdonnert, awer enger administrativer Geldstrof verdonnert, fir dass de esou séier wéi méiglech hei reagéiers an dat erëm richtig méchs.” Dat ass een Element.

Villes kann een och zivilrechtlech ahnden, amplaz stroferechtlech ze ahnden. Well, wann eppes stroferechtlech geahnt gëtt, da kann een, deem zivilrechtlech wëllt Schuedenersatz hunn, muss de jo fir d’Éischt och kucken, deemno wéi et ass, dass dat Stroferechtlech érischt ofgeschloss ass.

Also, mir hunn eng ganz Partie Iwwerleeungen, wéi mer wëllen den Droit pénal méi harmoniséieren a méi élaguéieren, fir dass e fir dat Wesentlecht do ass. Et kann net sinn, dass eis Parqueten iwwerlaascht si mat de Poursuites vu klengen Affären, viles herno klasséiert gëtt, a grouss Affären net weiderginn.

Et ass also an eiem Haus de Wonsch do, fir do an zwou Direktiounen virzegoen. Déi éischt ass déi kuerzfristeg. Mir kucken all Projet no, dee virun allem vun eise Kollege kënnst - eis kucke mer jo souwiesou no, mä och déi, déi vun eise Kollege kommen -, ob Droit pénal spécial dra virgesinn ass. An da kucke mer, ob dee justifiéiert ass oder net.

Ech maachen allerdéngs och en Appel hei un Är Chamber. De Rapporteur sot, an der Commission juridique géife se dat ganz esou gesinn a mech souguer encouragéieren, nach méi wäit ze goen. Et wär gutt, wann een deeselwechten Effort och géif an deenen anere Chamberskommissionen gesinn. Ech stellen nämlech fest, dass ganz oft ëmmer erëm de Wonsch ass, Droit pénal spécial bei eng Norm bäizepraffen. Dat heescht, och wann de Projet fortgeet ouni ze vill Droit pénal spécial, kann deem awer herno ëmmer erëm an den zoustännegen Kommissionen bäikommen.

Et wär also gutt, wann och d’Chamber insgesamt géif sech där doter Approche, déi d’Commission juridique wierklech, mengen ech, eenhelleg gedeelt huet, uschléisen. Dat ass also een éischten Effort.

Deen zweeten ass deem, dass, wa mer elo emol e bësse Rou hu mat der legislativer

Aarbecht, déi mer amgaange si virzebereeden, dass mer selwer wëllen eng gréisser Etüd maachen iwwert de Code pénal an notament iwwert den Droit pénal spécial, deem net am Code pénal steet, an do emol Virschléi maachen, fir manner Droit pénal spécial ze kréien, do wou mer en net brauchen.

Dann huet den Här Henckes och gesot, mir sollen am Code pénal all Strofe fir d’Gesellschaft virgesinn. Ech verstinn de Souci, ech mengen allerdéngs net, dass de Code pénal de richtigen Ophänker dovunner ass. Mir wëllen op där anerer Säit, wa mer d’Handelsrecht reforméiert hunn, e regelrechte Code des sociétés maachen. Do hu mer eis eng Base habilitante ginn, wann dat bis hei gestëmmt ass. An ech mengen, dass et éischer an de Code des sociétés gehéiert.

Datselwecht hu mer eng kéier mam Droit du travail gemaach am Code du travail. An dat war ganz, ganz instruktiv, wéi mer och do gesinn hunn, wéi am Droit du travail ze vill Droit pénal spécial dra war.

Dann hat den Här Henckes - an ech mengen, dat war déi lescht Fro, op déi ech wëllt äntwerten – gefrot, wéi et ass mam Casier fir d’Personnes morales. Et ass evident, dass mer dee mussen aféieren. Mir wëllen deem och aféieren. Do brauche mer keen neit Gesetz ze maachen. Do ass e Règlement, wat mer amgaang sinn, ze iwwerschaffen. An ech wäert dann nach am Mount Februar de Regierungsrot mat engem Projet vun engem Règlement grand-ducal saiséieren, fir dass mer och de Casier aféiere fir d’Personnes morales. Dat gehéiert effektiv hei zur Exekutioun vun deem heite Gesetz.

Voilà! Dir Dammen, Dir Hären, ech hoffen, dass ech op all Froe geäntwert hunn, déi hei gestallt goufen. Ech soen lech nach eng kéier Merci...

## (Interruption)

...fir déi séier an trotzdeem, mengen ech, gutt Aarbecht, déi mer hei gemaach hunn. An ech hoffen dann, dass dëse Projet mat wa méiglech der Unanimitéit kann hei gestëmmt ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

## (Interruptions)

► **M. le Président.** - A mir soen dem Här Justizminister Merci. Elo komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi.

### Amendement 1

Mir stëmme fir d’Éischt of iwwer en Amendement vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert den Artikel 34.

### Vote

De Vote fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. Den Amendement ass verworfen mat 55 Nee-Stëmmen, géint 4 Jo-Stëmmen an eng Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Marc Spautz), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall’Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

S’est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

## (Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

## Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. De Projet de loi ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen, géint 4 Ent-halungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

## (Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweeten Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6076, d’Unerkennung vun engem Protokoll vun der Mënscherechtskonvention. D’Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d’Madame Brasseur, d’Madame Err an den Här Henckes. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d’Wuert.

## 4. 6076 - Projet de loi portant approbation du Protocole N°14bis à la Convention de sauvegarde des Droits de l’Homme et des Libertés fondamentales, ouvert à la signature, à Strasbourg, le 27 mai 2009

### Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6076 hält eist Land de Protokoll Numero 14bis vun der Europäescher Mënscherechtskonvention un. D’Aarbechtsweis vun dem Europäesche Geriichtshaff zu Lëtzebuerg soll vereinfacht ginn. D’Affären, déi do ustinn, mussen méi séier kënnen evakuéiert ginn. D’Leit sollen net op Stroossbuerg mussen kloer goen, well an hirem Land de Prozess net an engem rasonnablen Délai iwwert d’Bühn geet, an et dobäi zu Stroossbuerg gradesou laang oder heiansdo méi laang dauert, bis et zu engem Urteel kënnst.





Här President, eleng am Joer 2009 si beim Europäesche Geriichtshaff zu Stroossbuerg 57.100 Requêtë bäikomm. Dat sinn 15% méi wéi am Joer 2008. 119.300 Affäre sinn de Moment zu Stroossbuerg unhängeg. Mat dem Protokoll 14bis soll den Europäesche Mëschegeriichtshaff zu Stroossbuerg déi néideg Instrumenter kréien, fir dese Réckstand opzeschaffen.

Här President, d'Chamber huet aus Lëtzebuurger Siicht eigentlech schonns iwwert déi Instrumenter befonnt. Dat war viru bal genee véier Joer, den 1. Februar 2006. Deemools gouf de sougenannte Protokoll 14 vun der Mëscherechtskonventioun ratifizéiert. Et ass souzesoen de grouse Brudder vun dem Protokoll vun haut.

Mä, an do läit d'Kromm an der Heck, dese Protokoll ass bis elo nach net a Kraaft getrueden. Dofir muss e vun alle 47 Memberstate vum Conseil de l'Europe ratifizéiert ginn. Russland huet dat bis haut awer nach net komplett gemaach. D'Statsduma huet wuel viru 14 Deeg dem Protokoll zougestëmmt, dat iewescht Parlament, de Federatiounsrot, muss awer nach säin Accord ginn. A schliesslech muss de russesche President de Protokoll och nach ënnerschreiwen.

Fir aus där Zwéckmillchen erauszekommen, gouf am Mee 2009 vun dem Conseil de l'Europe de Protokoll 14bis geschafen. E soll der Cour zu Stroossbuerg et erméiglechen, fir hir Hällewull vun Aarbecht esou schnell wéi méiglech kënnen ze meeschte-ren.

Mat dem Protokoll 14bis ginn elo d'Prozedursbestëmmunge vun dem Protokoll 14 fir Lëtzebuerg a Kraaft, an dat onohängeg vun dem Ratifikatiounsprozess vun dem Basisprotokoll duerch Russland. Datselwecht zielt iwwregens gradesou fir all anert Land, dat dësem Protokoll bäistëmmt.

Konkret heescht dat fir eist Land, dass mir fir Affären, déi géint de Lëtzebuurger Stat zu Stroossbuerg unhängeg sinn, der Cour d'Méiglechkeet ginn, fir déi Affäre méi séier ze traitéieren. Mir akzeptéieren deemno mat dësem Gesetzesprojet de Prinzip, dass esou Affäre kënnen vun engem Juge unique, also vun engem eenzelne Riichter, geuerteelt ginn. Dese Juge unique soll eng Aart Filterroll spillen, andeems en eng Affär duerch en Uerteel sträiche kann, wann et vu virera kloer ass, dass d'Affär irrecevable oder net zoulässeg ass.

De Lëtzebuurger Riichter zu Stroossbuerg dierf awer ni an esou enger Affär, déi deemno géint de Lëtzebuurger Stat geet, als eenzelne Riichter setzen.

Mat dem Vote vun dësem Gesetzesprojet gëtt d'Chamber och säin Accord, dass d'Affären, déi géint de Lëtzebuurger Stat agereecht goufen, an eenzelne Fäll vun engem Comité vun dräi Riichter geuerteelt kënnen ginn. Dese Comité kann net nëmmen d'Affär als net zoulässeg erklären, mä ka souguer een Uerteel iwwert de Fong huelen, wann dës Affär der Jurisprudenz, also der Rechtssprechung entsprécht, déi vun dem Europäesche Geriichtshaff an deem Beräich festgehal gouf. D'Décisioun muss an deem Fall vun deenen dräi Riichter eestëmmeg geholl ginn.

Här President, d'Méiglechkeeten, fir Affären an enger Formation vun eenzelne Riichter ze kucke respektiv d'Affären deelweis um Fong vun engem Comité vun dräi Riichter ze jugéieren, si wichteg Instrumenter fir den Arriéré vun der Cour kënnen opzeschaffen. D'Rechter vum Bierger ginn awer dobäi net ageschränkt, am Contraire. Eng méi effikass Kontroll vun der Europäescher Mëscherechtskonventioun duerch de Geriichtshaff garantéiert ee méi héije Standard vun de Mëscherechter an den eenzelne Memberstaten.

Här President, wat eist Land ubelaangt, esou goufe bis elo 29 Uerteeler am Zesammenhang mat Lëtzebuerg gesprach. Nëmme zweemol gouf festgehal, dass keng Verletzung vun der Mëscherechtskonventioun virlouch. 24-mol gouf eng Violatioun vun der Konventioun festgestallt. Et muss

een dat awer an de Kontext vun deene onn 325 Décisiounen stellen, déi e Recours als onzoulässeg duergestallt hunn.

De Moment si 54 Affären zu Strossbuerg géint Lëtzebuerg unhängeg. Zu deene wuel bekanntesten Uerteeler géint Lëtzebuerg zielen ouni Zweifel déi sougenannten Affaires Roemen a Schmit aus dem Joer 2003, wou am Kader vun Durchsuchungsbefehle e Verstouss géint d'Recht vun der fräier Meenungsäusserung an dem Schutz vun der Privatsphär festgestallt gouf.

Zitëiere kann een och nach d'Affär Wagner, wou et ëm eng Unerkennung zu Lëtzebuerg vun den Auswierkunge vun engem peruaneschen Adoptiounsuerdeel gaangen ass. Hei huet dat Stroossbuurger Geriicht am Joer 2007 géint Lëtzebuerg ënner anerem e Verstouss vun dem Principe de non-discrimination festgestallt.

Schliesslech gëtt an deem Kontext vun de Lëtzebuurger Affäre virum dem Mëscheregeriichtshaff och ëmmer den éischten Arrêt géint Lëtzebuerg aus dem Joer 1995 genannt, an zwar an der Affär Procola. Hei hat d'Cour e Verstouss géint d'Recht op en équitabel Prozess festgestallt, well an enger Affär vu Festsetze vu Mëllechquoten deemools véier Statsréit souwuel berodend wéi herno och geriichtlech Funktiounen an dem Dossier iwwerholl haten.

Dëst Uerteel huet dorops zu enger fundamentaler Reform vun der Lëtzebuurger Justiz gefouert. De Statsrot huet seng geriichtlech Funktioun verluer, amplaz gouf eist Verwaltungsgeriicht mat zwou Instanzen geschaf. Och eist Verfassungsgeriicht ass zum Deel e Resultat vun dem Arrêt Procola.

Här President, eist Land huet den 9. Juni d'lescht Joer als ee vun deenen éischte Länner de Protokoll 14bis ënnerschriwwen, knapps 14 Deeg nodeems d'Konventioun zur Ënnerschrëft virlouch. Mir hunn domat ënnerstrach, dass et eist Uleies ass, fir zu engem effikasse Fonctionnement vun dem Stroossbuurger Mëschegeriichtshaff bäizeroen.

An deem Sënn recommandéiert de schrëftleche Bericht, deen eestëmmeg vun der Commission juridique ugeholl gouf, dese Gesetzesprojet ze stëmmen. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech hu ganz opmierksam dem Rapporteur nogelauschert, mä ech bedauern, dass mer hei net méi Zäit hunn, fir am Fong iwwert déi Problematik ze diskutéieren. Well et schéngt jo och d'Recht ze si vun engem Deputéierten, e Grondrecht vun engem Deputéierten, sech méi laang mat engem Sujet ze ënnerhalen.

Besounesch well den honorabelen Här Roth elo grad als Rapporteur gesot huet, dee Protokoll 14bis misst elo nach gestëmmt ginn, well a Russland d'Prozeduren nach net all duerchlaf wären. Or, mengere Meinung no muss nach just de President vu Russland ënnerschreiwen. Esou dass dee Protokoll 14bis, iwwert dee mer hei elo votéieren, am Fong iwwerflässeg ass.

A mir hätten dat am Virfeld misse maachen, quitte dass d'Prozeduren... Mir hu jo elo grad gesinn, wéi schnell d'Chamber ka reagéieren, wéi schnell d'Regierung reagiert. Ech hätt mer gewünscht, dat wär och hei de Fall gewiescht.

Ech sinn op jidde Fall frou, dass Russland awer elo mat op de Wee geet, dee Protokoll 14 unzuerkennen. Well et ass just Russland, dat 28% vun deene Fäll, mat deenen d'Cour befaasst ass, duerstellt. Nämlech vun deenen 120.000 Affären, déi bei der Cour unhängeg sinn... An den Här Roth huet Recht ze soen, ma e Procès équitable muss an engem Délai raisonnable sinn. Et ass den Artikel 6 vun der Mëscherechtskonventioun, dee ka selwer vun der Cour net respektéiert ginn, well en d'Moyenen net huet.

Mä vun deenen 120.000 Affären, déi unhängeg sinn, sinn 28,1% vu Russland, et sinn 11% vun der Türkei, an da kommen nach Länner wéi d'Ukraine a Bulgarien. Déi stellen zesumme méi wéi 57% vun den Affären duer. Et wär also ganz wichteg, wann an deene Länner d'Mëscherechter anescht géifen applizéiert ginn, well soss kënn d'Cour deenen Affären net méi no.

An dofir ass de Processus oder d'Deklariation vun Interlaken esou wichteg, déi elo gemaach gëtt. Et ass elo am Februar. Den 17. an den 18. Februar kënn jo de Comité des Ministres zesummen, fir ze kucken, wéi ee kann d'Effikassitéit vun der Cour renforcer. An ech hoffen, dass et do net nëmme bei Déclarations d'intention bleift, mä dass mer effektiv e Stéck do virukommen, well hei geet et ëm d'Grondrechter vun de Bierger an Europa.

D'Konventioun vun den europäesche Mëscherechter, déi feiert elo dëst Joer 60 Joer. An et ass nëmmen ze hoffen, dass fir dee 60. Gebuertsdag och en Instrument geschafft gëtt, wat derfir ka suergen, dass déi Konventioun och uerdentlech kann iwwerall applizéiert ginn.

Mir wäerten deem Projet de loi wuel hei zoustëmmen, obwuel ech mengen, dass en iwwerflässeg wier. Ech hätt mer op jiddwer Fall am Numm vun der DP-Fraktioun och gewünscht, dass mer deen éischter hätten hei kënnen unhuelen. An ech wier frou, wann de Minister ons nach géif soen, wat seng Attitüd ass vis-à-vis vun der Deklariation vun Interlaken, fir dass mer effektiv hei kënnen Progrès maachen an der Applikation vun der Konventioun vun de Mëscherechter.

Ech soenlech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen der Madame Brasseur Merci, an als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydie Err (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Debatt ass a mengen Aen iwwerflässeg aus Ursaachen, déi schonn ugeklonge sinn, an zwar well d'Ursach vun deem Protokoll 14bis eigentlech net méi besteet. Fir ze wëssen, firwat dat esou ass, muss ee wëssen, wat mam Protokoll 14 war.

Dee Protokoll 14, deen ech virum e puer... véier Joer, mengen ech, hei rapportéiert hunn, an deen am Fong virgesinn huet, fir méi substanzuell Saache wéi déi, déi am 14bis stinn, an der Prozedur ze änneren, fir dass eben dee Stau op der Cour européenne des droits de l'Homme zu Stroossbuerg géif ofhuelen.

Deen Artikel... De Protokoll 14 ass, wéi gesot, vun eise Rapporteur richteg gesot, ganz laang vu Russland refuséiert ginn aus x Ursaachen, op déi ech hei net wëll zrëckgoen. Jiddefalls ass et esou, dass dofir no laanger Zäit - a mengen Aen och scho vill ze spéit - déi Europäesch Communautéit sech afale gelooss huet, wéi se kéint laanscht dee Refus vu Russland kommen, an huet duerfir gesot: „Mir huelen e puer minimal prozedural Froen aus dem 14 eriwuer an en anere Protokoll 14bis, fir dass mer fir déi Leit, déi wëlle jiddefalls, déi Länner, déi wëllen, déi wichtigste Saachen dann op d'Prozedur, net um Fong, scho kënnen applizéieren.“

A souguer do si mir als Lëtzebuurger Land nach e Schrack méi wäit gaangen. Mir hunn eng Deklariation gemaach, aus där ervirgeet, dass mir bereet wären, de 14bis provisoersch ze applizéieren un all Affären, déi Lëtzebuerg géifen op der Cour betreffen, et sief dann, et wäere méi wéi ee Requéant op där anerer Säit. Esou dass fir Lëtzebuerg déi Saach souwisou an der Rei wär, och wann de 14bis net ratifizéiert wär.

Elo ass en a mengen Aen komplett iwwerflässeg, well de 14bis entre-temps net nëmmen am Conseil vun der russescher Föderation, mä och vun der Duma, an anscheinend - mengen Informatiounen no - an erstaunlecherweis à l'unanimité ugeholl ginn ass. Esou dass wat elo nach ze maache bleift, ass am Fong just deen Instrument de ratification um Sekretariat vum Conseil de l'Europe ze déposéieren. An domadder wier et geschitt.

Et gëtt mer awer d'Geleeënheet, vun eppes ze schwätzen. Och wann ech déi Debatt hei iwwerflässeg fannen, fannen ech, dass d'Thema vun dem Mëscherechts-haff zu Stroossbuerg ganz wichteg ass, besounesch och, well - wéi schonn ugeklongen ass - et e speziell Joer ass: de 60. Anniversaire, 47 Memberstaten, 800 Milliounen Europäer, déi op dee Geriichtshaff do kënnen zrëckhuelen, an 200 Konventiounen, déi ausser der Mëscherechtskonventioun um Europarot ausgeschafft gi sinn.

Esou dass dat, vun deem mer schwätzen, eppes ass wéi en Ordre public européen, deen haaptsächlech ugewannt gëtt a kontrolléiert gëtt vun der Cour. An déi Cour, déi ass Victime vun hirem eenzege Succès, well eben esou vill Affären unhängeg sinn, an am Fong dat zu Stroossbuerg geschitt, firwat ganz vill Leit, besounesch och Lëtzebuerg, op Stroossbuerg ginn. Dat heescht, well se fannen, dass besounesch pénal Affären zu Lëtzebuerg ze laang daueren.

Entre-temps si mer an där abwegeger Situation, dass och déi Mëscherechts-affären, déi zu Stroossbuerg unhängeg sinn, ze laang daueren an dass een am Fong elo schonn erëm misst eng Cour maachen, fir déi Défauté vun der Cour vu Stroossbuerg opzefänken.

Vu dass dat net duerch en neit Instrument méiglech ass, muss mer kucken, innerhalb vun deem bestehende Mechanismus do weiderzekommen. An d'Madame Brasseur huet jo ugeschwat, dass ausgangs des Mounts de Conseil des Ministres sech trëfft an der Schwäiz, déi de Moment d'Présidence huet, fir zu Interlaken ze kucken, iwwert de Protokoll, net nëmme 14bis, mä 14 eraus, wat essenziell ass, fir d'Cour vu Stroossbuerg ze retten, souzesoen.

Wat mer wëssen, dass néideg ass, ass éischens emol, politesche Wëllen, fir déi Cour do ze verbessern, fir se méi opérationnel ze maachen. Dat heescht och, se auszestatte mat Leit a mat Suen, déi hinnen et erlaben, fir hir Aarbecht méi effikass ze maachen.

D'Prozedurfroe mussen och gekläert ginn. An et kann net sinn, dass, wa véier Länner 57% vun den Affären zu Stroossbuerg stellen, a wa mer wëssen, dass 80% vun den Affären, déi zu Stroossbuerg unhängeg sinn, irrecevable sinn, da wësse mer, dass, wa mer an der Prozedur eppes maachen, fir dass d'Irrecevabilitéite ganz schnell kënnen gekuckt ginn, fir dass déi Riichter, déi zu Stroossbuerg setzen, fir Mëscherechtsproblemer ze toiséieren, sech effektiv net nëmme mat Irrecevabilitéite musen ofginn, mä sech um Fong kënnen mat de Mëscherechter selwer ofginn.

Ech denken, dass de Protokoll 14 do natierlech net duergeet. An duerfir ass jo och déi Konferenz ugesot.

Duerfir ass mäin Haaptuleies haut un de Minister an en lech, Här President, un d'Chamber souzesoen, lech ze proposéieren, deen heite Projet, deen u sech mengere Meinung no iwwerflässeg ass, derfir ze benotzen, fir eng Debatt ze froen iwwert dat, wat wierklech um Fong muss geschéien a wat ausgangs des Mounts an der Schwäiz soll diskutéiert ginn.

Dat wier, Här President, dat, wat ech wollt soen. An ech wär frou, fir dem zoustänneg Minister seng Positioun zu esou enger Debatt hei ze héieren.

Merci.

► **M. le Président.** - Ech soen der Madame Err Merci, an als leschten agedroene Riedner hunn ech den Här Henckes.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wollt just nuren den Accord vun onsem Grupp zu dësem Gesetzesprojet bréngen. E Gesetzesprojet, dee risquéiert héchstwahrscheinlech schonn net méi vu grousssem Interessi ze sinn, wann e publizéiert gëtt, well héchstwahrscheinlech dann de ganzem Objet vun dem Gesetz hifälleg ass.

Mä ech géif awer och hoffen, a vläicht kann de Minister ons do eppes soen, datt déi Zuel vu Recoursen, déi géint Lëtzebuerg lafen, sollten esou kleng wéi méiglech gehale ginn. Mir hunn der nach e puer do lafen. Ech wär och do frou, wann eng etlech Décisiounen kéinte méi séier goen. An dofir ass op jidde Fall de Sënn vun dësem Gesetz... geet alles an déi richteg Richtung.





► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Henckes Merci, an da kritt elo d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Jo. Merci, Här President. Dir Damen, Dir Hären, hei ass dann erëm esou e Projet, wou de Justizminister e bèsse stresst. Ech hunn effektiv den 19. Oktober de Projet de loi déposiert, den 10. November huet de Statsrot säin Avis ginn, an den 2. Dezember ass den Här Gilles Roth Rapporteur ginn, an den 13. Januar huet d'Commission juridique de Rapport ugeholl. Mir hunn also och hei ganz séier geschafft.

Elo ass haut d'Fro gestallt ginn: Brauche mer nach iwwerhaapt dee Projet ze stëmmen, jo oder neen? Ech war der Meenung, mir sollten dat maachen, an dat aus dräi Grënn.

Den éischte Grond ass deen, dass Russland nach net offiziell seng Instruments de ratification ofginn huet. An ech mengen, dass en attendant mer dann och sollen eis Hausaufgab maachen.

Dat Zweet ass, ech mengen, dass et och gutt ass, wa mer herno d'Relevéen esou liesen an de Statistike vum Conseil de l'Europe, dass mer net nënnen dat éischt Land waren, wat de 14bis ënnerschriwwen huet, mä dass mer och zu deene gehéieren, déi e ratifiziert hunn, och wann d'Utilitéit vun der Ratifikatioun vläicht net méi laang néideg ass.

Dat Drëtt ass awer deen, an dat hat ech an der Chamberskommission expressis verbis gesot, dass ech wierklech sollt d'Geleeënheet haut benotzen, fir iwwer Lëtzebuerg an d'Cour des droits de l'Homme ze schwätzen. Ech sinn dofir e bëssen iwwerrascht, dass gefrot gëtt, mir sollen eng Debatt maachen. Ech hat gemengt, déi Debatt wär haut, well ech wollt och effektiv... Ech wäert och, ier dass mer op Interlaken ginn, eng Debatt an der Öffentlechkeet féieren, well et schonn effektiv néideg ass, effektiv néideg ass, dass mer schwätzen iwwert d'Wichtigkeet vun der Cour vu Stroossbuerg, déi elo nach méi wichteg gëtt, an deem Moment, wou jo soll - och opgrond vum Lissabon-Vertrag - d'Europäesch Gemeinschaft Member gi vun der Convention des droits de l'Homme. Wou et jo och ganz interessant gëtt: Wéi schaffen an Zukunft déi zwee Gerichter mateneen?

An ech wäert selwer mat de Lëtzeburger, am Kapp vun der Lëtzeburger Delegation, wou d'Madame Err als och Vertrederin vun der Delegation vun der Chamber an dem Conseil de l'Europe wäert mat an eiser Delegation sinn, wäert ech, do, wou d'Mataarbechter aus der Justiz an aus dem Finanzministerium zu Abu Dhabi am Sand setzen, wäerte mir dann zu Interlaken beim Séi setzen, awer net fir de Séi ze kucken oder Eiger, Mönch a Jungfrau, mä effektiv ze kucken, dass bei där Présidence, där Schwäizer Présidence do Neel mat Käpp gemaach ginn.

Well et ass ganz kloer, dass déi Cour vu Stroossbuerg fir d'Mënscherechter extrem wichteg ass. Si ass allerdéngs en Affär vun hirem Succès ginn. De Succès besteet jo ënner anerem doranner, dass en Eenzelne kann op Stroossbuerg goen, wéi et am Volleksmond heescht. Och, wann dat am Volleksmond esou eppes ginn ass wéi déi véiert Voie de recours. Dofir ginn der och ganz vill irrecevabel erkläert, dat muss een och wëssen. Mä et ass awer scho wichteg, dass deen Eenzelne kann an Europa bei e Geriicht goen, fir seng Rechter anzekloen.

Dat ass ee wesentlecht Element. Dat ass iwwregens eppes, wat zu Stroossbuerg d'Problematik méi komplizéiert mécht wéi op der Cour de Justice um Kierchbiërg. Um Kierchbiërg sinn déi meescht Recoursë Recours par voie préjudicielle. Dat heescht, do huet ee Geriicht schonn alles instruéiert, an da stellt d'Geriicht fest, do ass eng Rechtsfro, an da geet déi Rechtsfro op de Kierchbiërg. Do brauch also net méi déi ganz Affär an all hiren Tenants et aboutissants, an all hiren Éléments de fait nogekuckt ze ginn. Während zu Strossbuerg wierklech bis an de leschten Detail nogekuckt gëtt, wat am Dossier war. Dat ass also ganz vill Aarbecht fir déi Richter zu Stroossbuerg.

Natierlech ass et esou, dass doduerch, dass ëmmer méi Länner awer seriö gekuckt

hunn, wat Stroossbuerg gemaach hunn - net all hunn alles ëmgësat; mir hunn dat ëmmer ëmgësat -, dass natierlech dorophin och ëmmer méi Recoursen op Stroossbuerg kommen. An de grouse Problem elo ass, dass vill irrecevabel Recoursë kommen.

Nun ass natierlech d'Fro: Wien deklaréiert e Recours irrecevabel? Wa muss de ganzen Tribunal dat maachen, dann ass et erëm eng Kéier eng ganz Prozedur, wou Zäit verluer gëtt. Ass et allerdéngs nëmmen e Beamten, deen en irrecevabel erkläert: Hu mer dann nach wierklech Rechtssécherheet an Europa? Dat ass eigentlech déi grouss Fro, déi mer och zu Interlaken ze klären hunn.

Déi Fro ass also zu Interlaken an déi fanne mer hei erëm am Protokoll 14bis. Wéi brénge mer et fäerdeg, dass e Filter ass, ier dass wierklech déi wichteg Affäre kënnen traitéiert ginn?

Do gëtt et verschidde Méiglechkeeten. Ech wär frou, wann d'Cour selwer géif eng ganz kloer Proposition maachen, well d'Meenungen an Europa ginn do tëscht de Memberstaten ausereneen. Wann enger kloer Proposition wär vun der Cour, op déi ee sech da kéint largement ralliieren, da wär et gutt. D'Lëtzeburger Positioun wäert, ofgesinn dovunner, prinzipiell déi heite sinn: Jo, et soll e Filter kommen.

Mir mengen nämlech net, dass et envisageabel wär, nach méi Riichter op Strossbuerg ze schécken. Dat géif erëm aner Problemer schafen, méi Riichter, an ech mengen och net, dass een do e politeschen Accord géif kréien. Also si mer fir eng Filterinstanz.

Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass déi Filterinstanz misst vun engem Richter vun der Cour selwer gemaach ginn an net vum Secrétariat administratif vun der Cour. Dat wäert prinzipiell déi Positioun sinn, déi mer do verteidegen.

An engems ass ee Sujet zu Interlaken deen: Wat maachen dann d'Länner, fir d'Affären ëmzesetze bei sech? An do si mer och elo amgang als Lëtzeburger, fir ze kucken, dass mer manner Ursaache kréien, fir Recoursen ze maachen.

Et sinn eng Partie spezifesch Affären hei genannt ginn, wéi zum Beispill vum Gilles Roth, e Rapporteur, deem ech Merci soen: Procola, dat ass en Uerteel, wat ech ganz gutt kennen, well déi Zäit war ech nach Member hei vun der Chamberskommission. Ech war Rapporteur vun der Reform vum Ordre judiciaire administratif, wéi deen agefouert gouf, an ech war selwer Auteur vun der Proposition de loi Biltgen iwwert d'Prozedurreglement, wou mer Délais fixes agefouert hunn, wou ech déi Zäit net gutt ukomm sinn, weder bei menge Kolleegen Affekoten nach bei den Délégués de justice vum Ministère de la Justice; mä haut ass jiddweree frou, dass mer déi Délais fixes hu bei den Ordres judiciaires administratifs. Dat ass een, deen ech gutt kennen.

Dir hutt nach eng ganz wichteg net ernimmt gehat, Här Roth, dat ass d'Affär vun de Fierschter, wou ech och duerno d'Geleeënheet hat, dat war d'Citatioun, d'Responsabilitéit vun de Journaliste bei Citatiounen, wou ech duerno d'Geleeënheet hat - den Här Mosar war Rapporteur am Pressegesetz; dat war 2004, mengen ech, Här President -, fir effektiv dat doten Uerteel och ëmzesetzen.

Dat heescht, mir hunn zu Lëtzebuerg ëmmer eng Äntwert ginn. Eng vun deene leschte bekanntste war d'Affär Wagner iwwert d'Adoptiounen. Do ass et och esou, dass mëttlerweil de 16. Dezember d'Cour selwer d'Exequatur da gesprach huet vun enger Partie esou Uerteeler, wou d'Adoption plénière individuelle an anere Länner gesprach gouf. Dat heescht, och do si mer elo mëttlerweil konform, well d'Jurisprudenz sech selwer einfach un d'Jurisprudenz vu Stroossbuerg gehalen huet.

Déi zwee heefegst Ursaachen, dass mer zu Lëtzebuerg condemnéiert goufen, dat sinn déi, dass et ze laang gedauert huet, fir zu engem Uerteel ze kommen an dass mer kee Recours effektiv hätten.

Do ass et esou, dass mäi Virgänger zwee gréisser Pläng gemaach huet, fir méi Riichter ze kréien. Dat huet emol scho viles genotzt. Et kënn awer nach ëmmer vir, dass

verschidden Affäre méi laang daueren, notament, wann et sech ëm pénal Affären handelt. An do ass et wichteg, dass mer mëttlerweil duerchgesat hunn, dass et zu Lëtzebuerg e Recours effectif gëtt, wann e Prozess ze laang dauert.

Wat ass dee Recours effectif? Ma dat ass, dass een dann de Stat ka condemnieren, de Lëtzeburger Stat op Schuedenersatz, well et ze laang gedauert huet. Mir hunn dat och ëmmer plädéiert zu Stroossbuerg. Dat ass allerdéngs nach laang net ëmmer unerkannt ginn zu Stroossbuerg, well gesot ginn ass: „Majo kee weess dat.“

Dorophon hu mer an der Pasicrisie - dat ass jo déi Publikatioun, déi all Affekot misst kennen -, ass elo esou een Uerteel publizéiert ginn, eng Affär. A mir hunn och Instruktioun ginn, dass bei der Affekotenausbildung effektiv déi dote Jurisprudenz sollt deene jonken Affekoten erkläert ginn, fir dass se wëssen, dass se do e Moyer hunn, ier dass se müssen op Stroossbuerg goen, fir emol kënnen hei am Inland Drock ze maachen.

Dat Zweet, dat war de Formalismus vun der Cour de Cassation. Och do ass mëttlerweil, huet Lëtzebuerg drop geäntwert. Engersäits, andeem d'Cour de Cassation selwer vill manner formalistesche ass. Wa mer déi lescht Recoursen huelen, sinn der ganz weening irrecevabel erkläert ginn. Well mer eis awer net nëmme kënnen féieren op déi Kompositioun, déi mer elo an der Cour de Cassation hunn, hu mer e Projet de loi hei bei lech deponéiert, fir den Artikel 10 vun dem Cassatiounsgesetz esou ze reformieren, dass manner Formalismus bei de Cassatiounsrecoursë virgesinn ass.

Dat heescht, mir hunn och elo versicht, an deene leschte Méint eng ganz Partie vun Hausaufgaben ze maachen, fir net nëmmen zu Stroossbuerg fir déi aner Länner ze plädéieren, mä ze soen: Hei, mir plädéieren, dass jiddwereen dat mécht, wat mir och zu Lëtzebuerg maachen, fir dass mer effektiv kucken, dass d'Mënscherechter dann an Europa unerkannt ginn an dass d'Vefeelung och duerch e Geriicht ka festgestallt ginn an dass duerno och där Verfeelung Rechnung gedroe gëtt an deem jeeweilege Land.

An ech mengen, dat war eigentlech dat, woufir ech elo frou war, dass mer awer d'Debatt haten, fir déi puer Saachen do ze erklären, déi ech dann och d'nächst Woch wëll e bësselche méi breet - well do hunn ech e bësselche méi Minutte wéi hei -, e bësselche méi breet wëll an enger Pressekonferenz der Öffentlechkeet zu Lëtzebuerg virstellen.

Well ech mengen, wierklech wichteg ass, dass mir wëssen, wat Stroossbuerg bedeit a wat Stroossbuerg och scho bedeit huet fir d'Evolution vun de Gesetzgebungen hei zu Lëtzebuerg. An an deem Sënn soen ech lech Merci, dass Der hei e Gesetz stëmmt; och wann et vläicht net méi laang muss applizéiert ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Justizminister Merci fir seng Explikatiounen. A mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6076 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Félix Eischen), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia*

*Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

D'Chamber befaasst sech haut de Mëtteg mat der Interpellatioun vum Här Jean Huss iwwert d'Nanowissenschaften. D'Riedezeit ass hei nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Berger, d'Madame Mutsch an den Här Colombero. An d'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Jean Huss. Ech wëll och nach betounen, dass den Här Huss 20 Minutten als Interpellant huet an och nach déi 15 Minutte vu senger Fraktioun als Porte-parole derbäi. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Interpellation de M. Jean Huss au sujet de l'évolution dans le domaine des nanotechnologies

### Exposé

► **M. Jean Huss** (*déi gréng*), *interpellateur*.- Merci, Här President. D'Demande fir des Interpellatioun iwwer Nanotechnologien, hir gréisser Chancen, mä och hir Risiken hat ech schonn am Hierscht 2006 hei agereecht. No enger kuerzer Diskussioun doriwwer kuerz duerno an der zoustänneger Chamberskommission an no eenzelne Visité bei de Centres de recherche publics, déi op deem Gebitt fuerschen, war duerno déi parlamentaresch Diskussioun leider erëm eng Kéier ageschlof. Eigentlech bis haut.

Zu enger globaler a wierklech och öffentlecher Debatt mat der breeder Bevölkerung ass et hei zu Lëtzebuerg leider nach net komm, am Ënnerscheed zum Beispill zu eisen Nopeschlänner Frankräich, Holland, Däitschland an esou virun, wou déi öffentlech Debatt zum Beispill iwwert sougenannte Conférences de citoyens vill méi wäit ass an zum Deel - virun allem a Frankräich - ganz heftig gefouert gëtt. Esou heftig, dass vu 17 offiziell organiséierten Débats publics a franséische Stied, déi déi franséisch Commission nationale du débat public am Opdrag vun der Regierung d'lescht Joer organiséiert hat, der eng Partie vu radikale Gëigner vun den Nanotechnologien gestéiert goufen oder souguer net konnte stattfannen. Esou zum Beispill nach viru kuerzem geschitt zu Lyon.

Firwat engersäits also vill positiven Interesse un dësen Nanotechnologien bei Fuerscher a Wëssenschaftler, mä virun allem och bei industriellen an anere Wirtschaftsakteuren, ënnerstëtzt dobäi vun der EU-Kommission a vun nationale Regierungen? A firwat, ëmgekéiert, e wuessende Malaise, wuessend Crainten oder souguer total Oflehnung vun dësen neien Technologien? Nanotechnologien, déi awer lues a lues schonn zënter enger Partie vu Joren amgang sinn, eisen Alldag ze erobieren.

Dir Dammen an Dir Hären, haaptsächlech zënter Mëtt an Enn vun den 80er Joren huet d'Nanofuerschung weltwäit lues a lues ugefaangen, a grouse private Laboratoire, oft an Zesummenaarbecht mat verschiddenen Industriesektoren, mä och an öffentlechen Recherchezentren. Fir Wëssenschaftler a Fuerscher war an ass et fascinant, an d'Nanowelt vum onendlech Klengen, an dem Beräich vun engem bis honnert Nanometer, dat heescht Engem-